

# EIG PEREL

löschtegt Steck an engem Akt

Persounen: Madame Zoppekraut ..... eng Rentiersmadame  
Julie ..... hir Schwéiesch, engem  
Postbeamten seng Fra  
Rosalie ..... hir Kächen, en Meedchen  
vum Land

Déi zwou Schwéieschen sin oprichteg gudd mattenén.

Szénerie: e flott agerichten Zömmmer, wa méiglech e klenge secrétaire  
an e méiglechst grousse Spigel.

## 1. S z é n

Madame Zoppekraut: (sie setzt virun hirem Secrétaire, oder Dösch a schreiwts  
e Bréif)

Fréd, vun dér én engem anere mattget, ziélt duebel. Ech muss menger  
léiwer Schwéiesch gleich schreiwen, dat ech endlech, endlech eng  
Käche fond hun, wéi ech mer se scho lang gewünscht hun. Ech hun dém  
arme Julie schon sou dacks de Kapp voll getrottert mat menge Kloen iwer  
d'Meedercher, dat et bestömmmt grad esou erléist ass ewéi ech, wann de  
Wand elo mol vun enger anerer Seit bléist. Meng Frendin huet mer wirk-  
lech en immensen Dentscht geleescht, wéi et mer d'Sali, ech hun et  
direkt op Rosalie emgedeift, gescheckt huet. Dat wollt natirlech net  
heeschen, datt dat naivt Kand schon perfekt wär, beileiwe net, mais  
am Vergleich zu aneren Dentschtmeedercher, déi mir d'Liewen versauert  
hun, ass et eng Pèrel. Vun deenen déi ech a leschter Zäit hat wor  
ént frech, dat anert liddreg, en drött empfindlech, dat véiert huet  
mech zum Beschte gehalen, en anert wor exigent an dat lescht huet  
souquer gegripst. Mei Rosalie ass zwar keng Beauté, mais hat huet och  
sei Gudds, d'huet e bösselchen e plompe Marsch, en Zeechen dat et  
stark ass a gudd schaffe kann, et kennt d'Gebreicher vum Haus nach net,  
mais t'ass nach kee Meeschter vum Himmel gefall; mei pädagogisch Gefill  
a mei Kennerbleck soe mer: aus dem Rosalie get bestömmkt nach eppes.

## 2. S z é n

Madame a Rosalie

(d'Rosalie behöllt sech ganz ongeschlach un ongehuvwelt, et ass  
eng gelleg Tullepant)

Rosalie: (huet eng kleng Spullbitschen bei sech) Pardon, entschöllegt,  
veréiert Madame Zoppekraut Rentier, fuert mol mat der Hand dodran,  
op der do net e Sölwerläffelche fand, ech fannen e net an et feelt  
mer een, ech hun d'Wasser ower nach net all ausgeschott wéi der  
gesitt.

Madame : Mais Rosalie, wat brengs du dann do eran?

Rosalie : Ass dat fir mech? Richteg, ech heesche jo Ro - sa - lie

Madame : An hun ech der net schon eng Dozen Mol gesot wéis du mech uriéde solls, entweder Madame Zoppekraut oder Madame Rentier.

Rosalie : Ass dat rem fir mech? Jo, entweder Madame Zoppekraut oder Madame Rentier, hei probéiert mol.

Madame : (fir sech) Do heescht et nach Gedold hun (zum Rosalie) Also, d'feelt e Selwerläffel. Da bringt séier eng Seibäcken, da schödde mer séier d'Wasser derduerch, da fänne mer e schon.

Rosalie : Jo Madame Zoppekraut entweder Madame Rentier (gét mat engem Knix fort)

### 3. S z é n

Madame : Wién un de Kär wollt kommen, muss d'Noss duerchbeissen, déi hei ass e wéineg vill hart. E Gleck nömmen, datt mei gudde Mann déi Szén do net matterliewt huet, hén huet nämlech schon allerhand Bedenken op d'Rosalie wirklech dat Richtegt fir mech ass, en ass ower zevill frô matt mir, fir u mengem pädagogische Geffill ze zweifelen. En huet zwar gescht missen mat ukucken, wéi d'Rosalie nobei de ganze Bicherschaf ömgeworf hat wéi et erakomm. Ech hun em dat als en Zeechen vu Stärkt plausibel gemach - an en huet gelacht.

### 4. S z é n

(D'Rosalie kennt eran mat enger Seibecken a schött d'Wasser sou huerteg derduerch an en Eemer dat seng Kleeder an de Buedem nach ganz nass gin.)

Rosalie : Hei, lo gesitt der, entweder Madame Zoppekraut oder Madame Rentier, wann e net dran ass, dann ass en hin (et fönd sech neischt)

Madame : Ma Rosalie, da géif dach uecht. Du iwerschwemms mer jo d'ganz Zömmen Du häss dat solle méi gemittlech machen. Fir haut lossen ech et nach duerchgoen, wann awer nach eng Kéier sou eppes passéiert, da muss de de Schued ersetzen.

Rosalie : Wat soll ech ersetzen entweder Madame Zoppekraut oder Madame Rentier?

Madame : (fir sech) Et muss déi Uréd vereinfachen (zum Rosalie, ganz betount) Rosalie, so vun elo un ömmer nömmme, Madame! (et schellt)

Rosalie : T'huet geschellt, nömmme Madame.

Madame : Gitt séier a macht op (Rosalie of)  
Soll éieren mei léift Julie elo kommen? Dann ass et jo gudd, datt ech mam Bréif opgehale si gin. Iwregens fällt de Luef elo schons vill méi moer aus  
(T'héiert een dobausse schwätzen)

Mme Julie: Ass meng léif Schwéiesch doheem?

Rosalie : O jo, mömme Madame (ouni d'Madame virzellossen, trappt et virun hir an d'Stuff, stéisst sech un um Schaf a stellt sech zimlech ongescheckt. Stellt sech virun d'Madame Zoppekraut)

### 5. S z é n

Rosalie : Kuckt, ech bringen iech hei én, mömme Madame.

(Mme Zoppekraut ass ganz genéiert, kuckt d'Rosalie scharf un , geet op d'Julie duer an embrasséiert se)

Madame : Härzlech wellkomm!

Dat ass léif vun dir Julie, dass de nach u mech denks.

Julie : Bonjour, gudd Emmy!

Rosalie : Kann ech elo goen, dir Madamen?  
Madame : (streng) Géi an d'Kichen, Rosalie! (mat engem ongescheckte Knix of)  
Julie : Du hues mech also net erward, léift Emmy?  
Madame : Ganz a guer net. Ech wor esou guer amgang dir ze schweiwen.  
Julie : Oh mei, dann hun ech mech ja selwer em déi Freed bruecht, vun dir e  
léiwe Bréif ze kréien. Eérlech gesot, léift Emmy, deng Bréif si  
wirklech ganz rar. Awer du wärs mech dach secher dedommagéieren a  
mir de Résumé vun dém geplangt Bréif erzielen.  
Madame : Secher, nömmen wanns du déi Sach nömmen vun enger Seit aus betruechst  
kanns du mech kaum verstoen.  
Julie : All Sach huet sei Revers, do hues du recht.  
Madame : Ech wollt dir nämlech meng Freed matdeelen, endlech dér schwéierer  
Dengschtmeedercherssuerg enthuewen ze sin.  
Julie : Ah, du hues also e Meedchen fond, dat der passt. Doriwer sin ech  
wirklech mat dir frou. A wéi koums du dann zu dém gudde Fang?  
Madame : Dem Feeschter seng Madame huet mir d'Meedche bruecht.  
Julie : Ech wier gespannt et ze gesin.  
Madame : D'Virstellung ass scho géint mei Wölle geschitt (Julie mecht en  
enttäuscht Gesicht)  
Julie : T'wärt dach net. Dat Meedchen wat mir d'Dir opgemach huet an dats  
de Rosalie genannt hues war et dach secher net.  
Madame : Dein Zweifel hun ech erwart an ech si frou, dass du sou riicht eraus  
bass, do kann ech dir den Töppelchen op den i setzen. Beim Rosalie  
ass nämlech an enger rauher Schuel e séisse Kär, t'ass wéi bei de  
Raupen, wat sin se ellen, a wat fir schéin farweg Peiperlecken kommen  
do eraus!..

### 6. S z é n

(D'Rosalie kennt ongeruff eran, e Biesem an der Hand. Déi 2 Fraen kucken sech  
verwonnert un.)

Madame : Wién hat dech da geruff, Rosalie?  
Rosalie : Ech, nömmme Madame, ech hun net dejaut.  
Madame : Firwat könns du ongeruff eran?  
Rosalie : Nokucken, nömmme Madame, wéi et iech geet.  
Julie : Wéi naiv!  
Madame : Dat nennen ech Attachement. Abbé, wanns de schon emol hei bass,  
da so mer, obs de och exakt ofgestöpst hues, wéi ass et gang?  
Rosalie : Merci fir d'Nofro, t'gét gudd, nömmme Madame.  
Madame : Hues du mir neischt verduerwen?  
Rosalie : Meng Mamm huet emmer gesot, sief frou, dass du sou en onverduerwent  
Meedche bass  
Madame : Du kanns elo nés un deng Arbecht goen, Rosalie. An da könns de net  
méi eran ouni dass de geruff bass.  
Rosalie : Soll ech ruffen, éier ech erakommen. Jo, nömmme Madame, sou ass et  
richteg (geet mat engem plompe Knix eraus)

### 7. S z é n

Julie : Dass et onverduerwen ass, dat gléwen ech em op d'Wuert, mais fir de  
Rescht muss du eng gudd Dosis Gedold opbrengen bis aus dér Raup  
do e farwege Peiperleck erauskrech.

8. S z é n

(vu baussen héiert een e Spektakel, wéi wann e Koup Tellere gebrach wier.  
Et kann een dee Spektakel mat Porzeleins- oder Glasschierbelén man.)

Rosalie : (jeitzt vu baussen) Nömmé Madame, lo kommen ech eran (könnt gleich  
eran, am Schirteg eng Onmass Schirbelén)  
Hei kuckt, nömmé Madame, lo sin ech nömmé grad e bösselchen mam  
Biesem un de Kaffisbitz komm, wéi soll eoh soen, mömme Madame,  
fir de Kaffisze ...

Madame : ..... servic!

Rosalie : Pang flitt en erof an d'Schirbele ware färdeg.

Madame : Mais Rosalie, un den Service gét én dach net mam Bissem. Wann ech  
der dat elo vum Loun ofhalen, da léiers du schon uecht gin.

Rosalie : Mat deem Porzeleinsgeschir ass neischt lass. Bei ons dohém do kann  
een déi holzen Telleren a Schosselen an eis Panen sou fest jummen  
wéi ee wollt, déi fuere net duerch

Julie : Geseis de Rosalie, an der Stadt muss een eben och léieren mat méi  
feine Sachen emzegoen, soss wier meng Schwéiesch forcéiert dech  
nés hémzeschecken.

(D'Rosalie geet ganz no bei d'Madame, wéi wann et hier wollt em den Hals  
falen)

Rosalie : Gelt, entweder Madame Zoppekraut oder Madame Rentier, néen, nömmé  
Madame, wollt ech soen, get, t'ass net wouer, dir jot mech net fort.

Madame : (wiert et of) Dajé, Rosalie. Dat do darf's de net machen.

Rosalie : Oh dach, ech machen et gär, nömmé Madame.

Madame : Kuck, dass de mat de Schierbele verschwönns. Déi nächste Kéier  
mache mir de Kont.

Rosalie : Soll ech goen?

Madame : Jo! (Rosalie mat engem Knix of)

9. S z é n

Julie : Léift Emmy, ech bewonnerer wirklech deng Gedold, ech woll der jo  
keng Illusiounen huelen, mais ech mengen, du warts nach lang bis se  
sech realiséieren. Nömmen eng Fro: Wéi ass et mam Rosalie senger  
Kächerei? Hues t'et domat wéingstens geroden?

Madame : Ech kann et jowuel net eleng hantéiere lossen, mais e Plat, dén et  
emol mat mir zesummen arrangéiert huet, kann ech et roueg mache  
lossen.

Julie : Dat wier also dach schon e klengen Ufank. Mais, meng Léif, dei  
Rosalie huet ons bis elo sou beim Otem gehal, dat mer mol nach keng  
Zait fond hun vun eppes aneschzt ze schwätzen. Du schengs dech iwer  
de Verloscht vun dengem Papagei getréischt ze hun?

Madame : Lauschter wéi dat ass. Fir mein 30. Geburtsdag spendéiert mei  
goldige Fritz mir e Papagei No 2, an fir dat ech mei Misär soll ganz  
vergiéissen, sicht en én aus, dén dém éischten op en Hoer gleicht.

Julie : Et wonnert mech nemmen, dat de Fritz dir dat schons elo verroden  
huet.

Madame : Hien hat eng goldeg Ursach fir mir dat schon virdrun ze soen.  
Wam én sech aus eppes ké Misär méi mache soll, dann dierf den  
Trouscht och nit ze lang ausbleiwen.

Julie : Dat stömmt schon. De Vull ass ower secher nach net erageflu komm.

- Madame : Ech zweifelen kén Ament, dat en zur Zeit do ass. Bass de elo zefridden?
- Julie : (kuckt op d'Auer) Wat? Schon esou spéit. Lo muss ech mech ower tommele. D'Resi mecht zwar dokém alles an d'Rei, mais du wéss, mei Mann hält drop, dat ech beim Kachen derbei sin.
- Madame : Wart en Ament, ech gi mat. Ech soen dem Rosalie nach grad Beschéd. (riffet) Rosalie, Rosalie !!

10. Szén

- Rosalie : (dobaussen) Ass dat fir mech? Soll ech kommen? Ech muss jo fir d'éischt ruffen. Ech kommen elo, nömmme Madame (könnnt plomp eran a stellt sech virun déi 2 Dammen) Hei sin ech, nömmen zwou Madammen.
- Madame : Pass op, Rosalie, wat ech dir elo soen. Ech gin elo an d'Stadt a kafen am Delikatessegeschäft e Fasan. Wéss de wat dat ass?
- Rosalie : Eisen Hond huet bal grad esou gehéscht.
- Madame : E Fasan ass e Vull dén grad esou préparéiert get wéi eng Int oder eng Gáns. D'lescht hate mir jo eng Int gebroden. Ech hun och nach e puer aner Kommissiounen, duefir lossen ech de Fasan heihibrengen am Geschäft hun se bestömmt e Bouw deen dat ka machen (Rosalie schneid dertöschend Grimassen, a sét e puermol: Jo, jo, nömmme Madame, jo, jo, a wenkt mam Kapp)
- Julie : (zéit hir Schwéiesch mam Arm a sét luss) Bass du esou keng dat Meedchen dee Fasan eleng préparéieren ze lossen?
- Madame : (wenkt hirer Schwéiesch a seet dann zum Rosalie) Also, entendu, sou bal wéi de Vull hei ass, plömps en, fölls en, a bréiss en. Grad esou wéi ech dir schon e puermol gewisen hun.
- Julie : Ech wéss net, wier et net besser mam Préparéieren ze warden bis de selwer derno kucke könns, meng Léif. Ech trauen der Affaire <sup>do net.</sup>
- Madame : Bange machen gilt nicht. Hiew keng Angscht. Ech invitéeieren dech esou guer op den Diner.  
(Déi 2 Dammen din sech un a gin fort. D'Rosalie riffet hinnen no)
- Rosalie : Awuer, a losst iech et gudd goen, Madammen.

11. Szén

- Rosalie : (kuckt virwetzeg em sech a pakt allerlé un)  
Sou, Sali, lo kanns du deng Konscht eraus lossen. Also, wéi geet dat elo mat dém Fasan? Wéi huet d'Madame gesot? Plömmen, föllen, broden. Hei do ass der Madame hiren Hutt. Bis de Vull do ass, könnnt ech dé gudd probéieren (dét eng Mutz oder Hutt op, stellt virun de Spigel, mecht sech schéin - da schellt et stirmesch)  
Lo ass de Vull schon do mam Jong (riffet zu de Kulissen eraus)  
Wien ass dobaussen. Ech lossen nach lang net all Spötzboww eran.  
(eng Stömm vu baussen)  
Sin ech hei beim Rentier Zoppekraut?
- Rosalie : Bei dém nit, an d'nömmme Madame ass net hei, awer bei mir sit der. Wat wöllt der dann?
- Stömm vu baussen: Ech hun e Vull ofzegin.
- Rosalie : Wann der e Vull huet, machen ech op, duerop warden ech schon.  
Dir könnnt eragoen, wann dir et och sitt.
- Stömm vu baussen : Sou eng Frechhét.  
(D'Rosalie geet aus a könnnt zimlech lang net méi erem, et muss den Uschein hun wéi wann et an der Kiche wier an t'muss hard an deitlech geschwat gin.)

Rosalie : (hannert der Bühn) Sou e verflixt Kèrel. Lo ass e scho fort! Firwat hun se dat Déier dann och net dout gemach? Awer derlanscht könnnt e net, lo paken ech en. Wat, du wiers dech och nach. O mei, helleft mer. Nömmme, Madame Rentier, hölleft. De Vull, dén ellenen! E pickt mech, e kratzt mech, an lo reisst en och nach de Schniewel op sou weit wéi dohém ons Scheierpart. Ellent Déier, wart, ech wärt dech léieren eng Rentiersmadame-kächen esou zum Beschten ze halen (et héiert én et op eppes lasschloen)

Papagei : (vun engem hannert der Bühn nogemét, jeitzt ganz héss) Gratuléieren, gratuléieren!

Rosalie : (hannert der Bühn) Wat, jeitz de, Kèrel, Neischnotz. Gratuléieren! Wölls de mech och nach zöcken? Gratuléieren, lo kriss de d'Liewesflämchen ausgeblos, du ellenen Fasan. Sou, dat hätte mer. Aua, aua, utsch, wéi dat blutt!

(könnnt eragerannt, Blutt um Arm an um Gesicht, stellt sech virun de Spigel, t'gét nés aus a könnnt gleich drop ganz an Dicher geweckelt erem, em Duch em d'Stir, ént öm de lenksen Arem. T'muss iwerdriwe wierken. Bal stellt et sech virun de Spigel, bal léft et am Zömmer cp an of, aua, utsch, mei Kapp; greift sech dobei un der Arm)

Aua, utsch, mein Arm (greift sech un de Kapp)  
Mais lo ass dat Véih dout. Dat huet sech eppes op seng farweg Plommen agebild. Autsch, utsch, en huet mat senge Flickelen no mer gefacht, dat et gejummt huet. Dat kann der alles neischt dengen, hun ech bei mir geduecht, do muss du drun gléwen. Sou, an elo géiss de geplömmt, geföllt an da gebroden, grad wéi d'Madame nömmme Rentier et gewünscht huet (gét eraus a lamentéiert virun dobaussen) E ganzt Schirtech voll Plommen, t'gét duer fir eng Douzen Hitt domatt ze garnéieren.

## 12. S z é n

Madame : (könnnt eran, e Puer Päck um Arm, a lét se nidder)  
T'ass alles ewéi verhext, dat wat ech am léifste gehat hätt, e Fasan, de Virzugsmeifelchen vu mengem Mann, dat konnt ech net kréien. Ech hat mer d'Sech och guer net iwerluecht. Wéi konnt ech nemme vergiéissen, dat d'Juegd op d'Fasanen nach net op ass (rifft eraus) Rosalie!

Rosalie : (vu baussen) Sidd der schon do, nömmme Madame, ech ruffen: ech komme gleich (könnnt lachend eran a mecht en onbehollefene Knix)

Madame : (geseit d'Verbänn, erféiert) Ma, Rosalie, wéi geseits du eraus. Bass de gefall, hues de der éieren wéi gedoen, hues de dech gestouss, da schwätz dach!

Rosalie : O mei, mei Kapp, mein Arm (greift duerbei wann et Kapp seet un den Arm an ömgekiert) Jo, Madame, entweder oder. Ech gesin nit schéin aus. Wat ass mir eng geschitt!

Madame : Span mech net esou lang op d'Folter. Schwätz, wat ass geschitt? Wou hues du dir wéi gedoen?

Rosalie : Et deet een sech dach net selwer wéi, mé hién!

Madame : Hién? Wién? Wor e Brigang erakomm, e Schwindler, en Déif. An du hues dech mat him zérallegt?

Rosalie : T'wor nömmen én, mé t'gong föllechen duer. Kuckt, wat ech ausgesin. (gét bei de Spigel) Do eng Bless, eng Schramm hei, an do eng Wonn a Schrammen iwerall. Dir hätt mir och sollte soen wéi frech dé Kèrel wéss, dén dir mir gescheckt huet.

Madame : Rosalie, du mechs mech verreckt. Lo nenns du mir op der Minutt dé Bouw.

- Rosalie : Ech hun de Bouw net gefrot, wéi en heescht, dém hun ech gleich d'Dir gewissen.
- Madame : Ech ruffen d'Police, wanns du mir net gleich sés, wat hei lass wor. Ech lossen nech awer net van dir zum Beschten halen. Du bass jo haut de contraire vu soss. B's elo wous du d'Frendlechkeet selwer an haut wéss de net, wéis de mech pisacke solls.
- Rosalie : Wéi soot dir, nömme Madame. Ech iéch pisacken? Nén scu eppes, ech si gepisackt gin.
- Madame : Wén huet dech gepisackt? Ech bestemmt net, ech wor jo net do.
- Rosalie : Dir allerdengs net, nömme Madame. Mé de Fasan, dén dir mir gescheckt hutt.
- Madame : (opgeregt) De Fasan, ma ech hun dach guer ké kritt, also konnt ech och ké gchekken.
- Rosalie : Lo halt dir mech gär zum Beschten, da si mir elo kitt, soe mir bei ons dóhém.
- Madame : (denkt no fir sech) Sollt meng Schwéiesch e Fasan opgedriwen hun a mir déi Surprise mache wöllen. T'ass net méiglech. Sie huet mir dach nach ofgeroden, d'Rosalie eleng domatt hantéieren ze lossen (zum Rosalie) Ech hu ké Vull gescheckt.
- Rosalie : T'ass mir egal wén e gescheckt huet, t'ass en ellent Béischt, en eklecht Véih. Et wollt sech net dout mache lossen.
- Madame : Wor et e liéwege Vull?
- Rosalie : Ma jo secher, oder sidd dir schons vun engem doudege Vull gepickt gin?
- Madame : Ech hat geduecht du wiers vun engem Jong behellegt gin (op émol fällt er eppes bei, sie léisst sach an d'Fotell falen an otent schwéier) Lo fällt mer eppes bei. Soll mei Mann éieren, nén ... dat kann ... dat därf net sin - t'wier zevill schrecklech (get béiss). Rosalie, lo sés de mir - nén - ech färten fir et ze froen - aus Angscht virun der Aentwert - Rosalie, wéi geseit de Vull aus?
- Rosalie : Wéi en elo ausgeseit wéss ech net.
- Madame : Wou ass en, weis mer en direkt.
- Rosalie : Da wart, da brengen ech d'Köscht, wou en dra soutz (fort)
- Madame : Soll das Schrecklechst wirklech geschitt sin. Mä ech rege mech zevill op. Wann et wirklech de Geburtsdagscadeau vu mengem gudde Fritz wor, de Papagei No 2, da wärt dat éfellegt Steck vu Rosalie en an irgend e Kuerw oder soss enzwousch agespart hun.
- Rosalie : (könnt mat enger Köscht eran) Do gesitt der, nömme Madame, op der Stang soutz en.
- Madame : (ka bal net méi schwätzen vu Schreck) A wat hues de mat em gémach?
- Rosalie : Wat ech em gemeet hun? Wat nömme Madame mech ugestalt hat.
- Madame : Futti gemeet?
- Rosalie : Sou séier ass dat nach lang net gang.
- Madame : Also, dach net.
- Rosalie : Dat Véih huet de Schniewel opgerass, wéi wann et mech wöllt aschlecken. An et huet mat de Vlilecke geschlo. Mais ech hu geduecht: wart du Véih. Du géiss mech awer net méschter, an ech hun et mam Schla-wittche geholl...
- Madame : Du hues jo kén Härz, hal op ....
- Rosalie : Ma ech hun et fest mis sten unhalen, an dach huet et mech gekratzt a gebass. Ma t'konnt em alles neischt hellefen, dem ellene Vull seng lescht Stonn ....

Madame : Ké Wuert méi du onglecklecht Framönsch

Rosalie : Jo, ech wor ganz onglecklech, a wöss der wat dat ellent Déier du nach gemach huet.

Madame : Ech si ganz erledigt, lo bestét nömmé méi eng Hoffnung, dat de Papagei net dout ass oder dat et de Papagei net wor.

Rosalie : Bis ech em den Hals emgedréit hun, huet en ....

Madame : (fällt bal schwach) Wat huet en ...

Rosalie : En huet nach de Geck mat mir gemach.

Madame : Wéi sou dann dat?

Rosalie : An engem Steck huet e gejaut: Gratuléieren, gratuléieren, bis dat en hés wor.

Madame : (fällt zreck an d'Fotell) Lo ass all Hoffnung hin. Jo, et wor de Papagei No 2. Du ongerodent Steck. Elle Popp! Wou ass de Vull elo?

Rosalie : Jo, nömmé Madame, richt der dann net, wéi en an der Pan bréit - bis den Här do ass, ass e bestömmmt gudd möll, ech decken elo gleich den Dösch, da könnt der en iéssen, mais dat losst iéch gesot sin, ech réieren ké Steck vun deem Fasan un, mir bléif all Steck vu Roserei am Hals stiéchen. Aua, mei Kapp, utschi, mein Arm (et schellt)

Madame : Géi mach op! (Rosalie of)

Julie

### 13. S z é n

Julie : (könnnt séier eran, e vergöllten Vullekuerw an der Hand, gét op d'Madame duer)

Mei léift Geburtsdaguskand. Heimatt gratuléieren ech dir an mei Cadeau fir dech ass dé Vullekurw hei fir dengem Fritz sei Geschenk dranzesetzen (geseit elo eréischt, dat d'Madame net nolauschtert an ofwiert) Wat heescht dann dat do. Hues du keng Freed u mengem Cadeau? E Palais fir de Papagei No 2

Madame : (stét op a kreisch) Hal op, meng Léif. Du mechs mech nach méi krank. De Papagei No 2 ass net méi.

Rosalie : (könnnt eran an hält der Madame d'Schirtech mat de Plommen duer) Do gesitt der, Madame Rentier oder Madame Zoppekraut, souvill an esou farweg Plommen hat öre Fasan.

Madame : Géi mer aus den Aen

(Rosalie kuckt verwonnert dran an tröllt zreck)  
Hätt ech dir gefollegt, Julie.

Julie : Du armt Geburtsdaguskand, elo wéss ech alles. D'Rosalie huet de Papagei No 2 dout gemét.

Rosalie : Wat war et? E Papagei. Ké Fasan ... Dat hat dir mir awer net gesot...

Madame : Hal de Mond, herzlost Steck!

(D'Rosalie léisst vu Schreck d'Schirtech lass, de Mond bleiwt em opstoen, an d'Plommen falen op de Buedem)

An haut ass mein 30. Geburtsdag !